Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot,

Dir Dammen an Hären aus der Finanzkommissioun,

Léif alleguerten,

Mir si frou, Iech déi aktuell finanziell Situatioun vun eiser Gemeng ze presentéieren.

## Konte vum Joer 2024

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 27 628 130,28 € | 2 957 947,65 € |
| Total des dépenses | 19 442 085,73 € | 9 300 675,18 € |
| **Boni propre à l'exercice** | **8 186 044,55 €** | |
| **Mali propre à l'exercice** | | **6 342 727,53 €** |
| Boni du compte 2023 | 15 434 320,69 € | |
| Boni général | 23 620 365,24 € | |
| Mali général | | 6 342 727,53 € |
| Transfert ord./extraord. | 6 342 727,53 € | 6 342 727,53 € |
| **Boni définitif** | **17 277 637,71 €** | |

Konten vun 2024 goufen de 26.06.2025 ofgeschloss an dem Inneministère iwwermëttelt. Mir waarden elo, dass de Contrôle vum Inneministère duerchgefouert gëtt a wäerten am Fréijoer 2026 den Decompte vum Joer 2024 hei am Gemengerot presentéieren an ofstëmmen.

Fir 2024 hate mer:

- Ordinär Recetten an Héicht vu 27,6 Milliounen EUR;
- Ordinär Depensë vu 19,4 Milliounen EUR;

Wat e Benefice am ordinäre Kont vun 8,2 Milliounen EUR mécht;

- Extraordinär Recetten hate mer fir bal 3 Milliounen EUR;
- an Depensë fir 9,3 Milliounen EUR

Wat en extraordinären Defizit vu 6,3 Milliounen EUR mécht.

Domat hu mer dann e positiivt Resultat fir 2024 vu ronn 1,9 Milliounen EUR. Zesumme mam Résultat reporté vun 2023 vu 15,4 Milliounen hu mer dann also e Bénéfice reporté fir 2025 vu bal 17,3 Milliounen EUR.

Dat sinn déi Reserven, déi an de leschte Joren ugeluecht goufen, fir déi néideg Investissementer an Zukunft vun eiser Gemeng ze maachen.

- ## Budget rectifié 2025

Dëst ass den ugepasste Budget vum Joer 2025, op Basis vun den aktuellen Zuele bis Enn November a mat enger Estimatioun fir déi Recetten an Depensen, déi nach fir 2025 ufalen.

**Budget rectifié 2025**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 29 033 526,10 € | 2 836 253,19 € |
| Total des dépenses | 19 568 067,09 € | 20 007 584,14 € |
| **Boni propre à l'exercice** | **9 465 459,01 €** | |
| **Mali propre à l'exercice** | | **17 171 330,95 €** |
| Boni du compte 2024 | 17 277 637,71 € | |
| Boni général | 26 743 096,72 € | |
| Mali général | | 17 171 330,95 € |
| Transfert ord./extraord. | - 17 171 330,95 € | 17 171 330,95 € |
| **Boni définitif** | **9 571 765,77 €** | |

Sou gesäit et aktuell duerno aus, dass mer am Budget rectifié,

- Ordinär Recetten an Héicht vu 29 Milliounen EUR hunn an
- Ordinär Depensë vun 19,6 Milliounen EUR hunn.


Wat e Benefice am ordinäre Kont vun 9,5 Milliounen EUR mécht.

- Extraordinär Recetten hätte mer fir bal 2,8 Milliounen EUR
- an Depensë schätze mer op ronn 20 Milliounen EUR
- wat en extraordinären Defizit vun 17,2 Millioune mécht.

Domat hätte mer dann, op Basis vun dëser virsiichteger Aschätzung, en negatiivt Resultat fir 2025 vu ronn 7,7 Milliounen EUR.

Zesumme mam Résultat reporté vun 2024 vu bal 17,3 Milliounen EUR hu mer dann also nach e Bénéfice reporté fir 2026 vu ronn 9,6 Milliounen EUR.

Éier mer awer elo de BR vun 2025 a virun allem och de Budget 2026 méi am Detail analyséieren, fänke mer mat puer méi generellen Zuelen zu eiser Gemeng un.




Op den 1. Januar 2025 hu 4.426 Leit bei eis an der Gemeng gewunnt an aktuell op den 21. November 2025 läit dës Zuel bei 4.480, wat engem Zouwuess vu 54 Persounen entsprécht. No engem ganz luese Wuesstem vun nëmmen 12 Leit fir 2024, si mer erëm bei engem Wuesstem wéi mer en tëscht 2022 an 2024 haten. Dëst ass notamment bedéngt duerch verschidde Projeten, déi an dem leschtem Joer ofgeschloss goufen, wei d'Résidence op der Kräizung "rue des Vergers" an der "rue Principale", awer och beim PAP "rue d'Oetrange", mee virun allem och de Phenomeen vun der "Location de chambres", wou eenzel Zëmmer an Eefamilljenhaiser verlount ginn.

Dës zousätzlech 54 Awunner entspriechen engem Wuesstem vun 1,22%. Zanter 2017 läit de Wuesstem am Duerchschnëtt bei ronn 1,3%."Sou leie mer aktuell weider ënnert eisem Zil vun engem moderatem Wuesstem vun 1,7%.

| Demandes d'autorisations de bâtir | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | **2023** | | **2024** | | **11/2025** | |
| | **Demandes** | **Unités** | | | | |
| EFH | 6 | 6 | 7 | 7 | 12 | 12 |
| MFH | 2 | 12 | 3 | 15 | 2 | 8 |
| | **8** | **18** | **10** | **22** | **14** | **20** |

Mir mierken awer bei der Unzuel vu Baugeneemegungen, a mir gesinn et och laanscht eis Stroossen, notamment op der Haaptstrooss, dass erëm méi gebaut gëtt an domat d'Awunnerzuel an den nächste Joren erëm méi staark wäert klammen. Och beim PAP Schënnbierg an der "rue Jeanne Rouff" si sämtlechLote fir Eefamilljenhaiser verkaf an eng Rei Bauprojete si schonn ënnerwee, sou dass sech  dësen Deel mat direktem Uschloss un de Schoulcampus an den nächste Jore mat Liewe wäert fëllen.


Eis Awunnerzuele wäerten also an Zukunft erëm méi staark klammen, och duerch déi nei PAPen, déi an Zukunft dobäi kommen. Dofir ass et wichteg, fir weider an eis Infrastrukturen anan eis Veräiner ze investéiere souwéi eis Bierger ze ënnerstëtzen, fir en harmonescht an ausgeglachent Zesummeliewen ze erméiglechen.

Fir awer zeréck op eis Finanzsituatioun ze kommen, fänke mer u mat eisem aktuelle Patrimoine. D'Gemeng Schëtter huet op Enn Oktober:

- Ongeféier 14,8 Milliounen EUR op de Bankkonten a keng Verscholdung;
- Zu eise Reserve gehéiert och de Fonds de réserve budgétaire, wou e Montant vun 1,6 Milliounen EUR blockéiert ass, dee mer awer wäerten am Laf vun 2026 opléisen;
- Mir besëtzen 226 ha Bësch, 33,4 ha Terrain Wisen an Akerland, souwuel an der Gemeng wéi och an den Nopeschgemengen;
- Mir hu 5,28 ha Terrain am Bauperimeter, wouvun 3,50 ha an eisen Aktivitéitszone leien;
- Mir hunn och 10 Haiser an 9 Appartementer, déi mer aktuell am Kader vum soziale Wunnengsbau verlounen. Do dernieft stelle mer 2 Haiser der Associatioun Schëtter Hëlleft zur Verfügung, déi haaptsächlech ukrainesch Flüchtlingsfamilljen ënnerstëtzt.

Komme mer dann elo zum Detail vum Budget rectifié vun 2025 an dem Budget 2026, wou mer mat den ordinäre Recetten ufänken:

- **Recettes ordinaires**




Do ass et esou, dass mer 2024 Recettë vu 27,6 Milliounen EUR haten, fir 2025 schätze mer se op 29 Milliounen a fir 2026 sinn ordinär Recettë vun 30,8 Millioune virgesinn.


Hei gesi mer, dass mer vun 2022 op 2023 eng Croissance hate vun 22,7%, a vun 2023 op 2024 vun 11,87% par Rapport zu enger Croissance déi d'lescht Joer am Budget rectifié vun 2024 op 9% geschätzt gi war. Do leie mer also liicht iwwert deem, wat lescht Joer am Budget virgesi war.

Am Budget rectifié fir 2025 gi mer awer just nach vun enger Croissance vu 5,09% aus a fir 2026 vu 6,17%. Mir sinn also wäit vun dem zweestellege Wuesstem entfernt, wéi mer en an de leschte Jore kannt hunn.

Wéi schonn d'lescht Joer gesot, gesäit een, dass méi schwéier Zäiten op eis duerkommen an eis Recetten aus dem FDGC an dem ICC méi lues klammen, och wa mer natierlech wëssen, dass dem Inneministère seng Virgaben normalerweis ëmmer éischter virsichteg sinn.

**Wéi setze sech dës Recettes ordinaires zesummen?**


- **Fonds de dotation globale des communes (FDGC):**




De Fonds de dotation globale des communes (FDGC) representéiert ongeféier 2/3 vun den ordinäre Recettë fir d'Gemeng Schëtter an ass domat bei Wäitem déi gréissten Akommensquell. Dësen FDGC gëtt zum Deel gespeist vun der direkter Steier, der TVA oder och nach der Autossteier. Fir d'Berechnung vum Verdeele vun dëser Dotatioun ass den Haaptkrittär dee vun der Populatioun, wat eis Gemeng benodeelegt, well mir jo éischter moderat wuesse wëllen.

Dës Berechnunge berouen op de Virgabe vum Inneministère, wéi se an der Circulaire 2025-077 vum 23. Oktober 2025 virgesi sinn. Hei stelle mer fest, dass de Staat nach fir 2025 mat enger Croissance vun 2,7% par Rapport zu 2024 rechent, wat fir eis Gemeng engem Montant vun 19,19 Milliounen EUR entsprécht. Fir 2026 ass dës Croissance bei 7,2% par Rapport zu 2024, wat am Budget 2026 engem Montant vu ronn 20 Milliounen EUR entsprécht. Dëst wier also just eng Steigerung vu 4,38% par Rapport zu 2025.

- **Impôt commercial Communal (ICC):**




Eis zweet grouss Recette ass den ICC, den Impôt commercial Communal. Dëse mécht ongeféier 13% vun eise Recetten aus. Hei kritt all Gemeng en Deel vum ICC, deen um Territoire vun der Gemeng erwirtschaft gëtt. Fir 2024 krute mir 3,6 Milliounen ausbezuelt, am Verglach mat engem Gesamt ICC vu 16,9 Milliounen, deen zu Schëtter erhuewe ginn ass, sinn dat e bëssche méi wéi 21%, déi fir eis Gemeng iwwreg bleiwen. Fir 2025 rechne mir am Budget rectifié mat engem Montant vu ronn 4 Milliounen EUR, a fir 2026 sinn op der Basis vun der Circulaire vum Inneministère och bëssi méi wei 4 Milliounen EUR virgesinn. Hate mer also vun 2022-2024 nach all Joer eng Croissance vun iwwert 21%, sou bleift fir 2025 par Rapport zu 2024 just nach eng Croissance vun 10,60% a fir 2026 par Rapport zu 2025 just vun 1,6%.Eleng un Hand vun deenen 2 Recettë gesäit een, dass op Basis vun de Previsioune vum Inneministère eis 2 Haapt-ordinär Recetten ëmmer méi lues wuesse wäerten. Och d'Prognose fir 2027–2029 weisen nëmmen e moderate Wuesstem, an déi aktuell geopolitesch Lag an der Welt stëmmt net all ze optimistesch.

Dofir musse mir weider de Wee goen, eis Depensë ganz genau am Aen ze halen, an och ze kucken, weider Recetten ze generéieren.

## - Recettes ordinaires – Ventilation:

| | 2023 | | 2024 | | BR 2025 | | Budget 2026 | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| FDGC | 16 286 749 € | 65,95% | 18 685 503 € | 67,63% | 19 190 011 € | 66,10% | 20 030 859 € | 64,98% |
| Impôt commercial | 2 954 231 € | 11,96% | 3 589 025 € | 12,99% | 3 969 461 € | 13,67% | 4 034 064 € | 13,09% |
| Alimentation en eau | 999 482 € | 4,05% | 1 053 327 € | 3,81% | 1 060 000 € | 3,65% | 1 050 000 € | 3,41% |
| Gestion des eaux usées | 630 927 € | 2,55% | 629 839 € | 2,28% | 695 000 € | 2,39% | 720 000 € | 2,34% |
| Gestion des déchets | 509 816 € | 2,06% | 535 152 € | 1,94% | 540 750 € | 1,86% | 560 750 € | 1,82% |
| Conservatoires, cours de musique et écoles de musique | 357 418 € | 1,45% | 403 572 € | 1,46% | 470 015 € | 1,62% | 520 000 € | 1,69% |
| Impôt foncier | 287 245 € | 1,16% | 285 724 € | 1,03% | 301 069 € | 1,04% | 305 000 € | 0,99% |
| Loyers et charges bâtiments | 176 587 € | 0,72% | 210 763 € | 0,76% | 205 000 € | 0,71% | 205 000 € | 0,67% |
| Subventions de l'Etat Pacte climat | 183 377 € | 0,74% | 188 530 € | 0,68% | 200 000 € | 0,69% | 200 000 € | 0,65% |
| Subventions de l'Etat Pacte nature | 72 994 € | 0,30% | 93 082 € | 0,34% | 118 418 € | 0,41% | 120 000 € | 0,39% |
| Parking | 99 581 € | 0,40% | 103 589 € | 0,37% | 90 000 € | 0,31% | 100 000 € | 0,32% |
| Subventions destinées à promouvoir l'emploi | 292 961 € | 1,19% | 256 080 € | 0,93% | 225 500 € | 0,78% | 205 000 € | 0,67% |
| Refacturation frais électricité, chauffage et entretien | 531 563 € | 2,15% | 621 224 € | 2,25% | 625 000 € | 2,15% | 625 000 € | 2,03% |
| Intérêts sur comptes bancaires | 316 645 € | 1,28% | 375 804 € | 1,36% | 50 000 € | 0,17% | 10 000 € | 0,03% |
| Repas sur roues | 45 708 € | 0,19% | 57 993 € | 0,21% | 70 000 € | 0,24% | 70 000 € | 0,23% |
| Autres | 951 730 € | 3,85% | 538 924 € | 1,95% | 1 223 301 € | 4,21% | 2 069 488 € | 6,71% |
| **Total** | **24 697 014 €** | **100%** | **27 628 130 €** | **100%** | **29 033 526 €** | **100%** | **30 825 161 €** | **100%** |

Wichteg ze erwänen ass awer och, dass 2025 2 exceptionell Recetten an den ordinäre Recetten ze fanne sinn, an zwar :

- d’Restitutioun vum Fonds de péréquation conjoncturale mat engem Montant vu 84.054,87 EUR;
- d’Regularisatioun vun der Contributioun fir Fonds pour l'emploi mat engem Montant vu 538.678,12 EUR, wou déi rezent gesetzlech Upassung vun der Berechnung vum Fonds pour l’emploi retroaktiv appliziéiert ginn ass;

Dëst si Recettë vun ronn 623.000 EUR, déi exceptionell fir 2025 waren an an Zukunft net méi erëm kommen.

An fir 2026 ass eng exceptionell Recette fir d’Reprise sur fonds de réserve budgétaire an Héicht vun 1.608.088,04 EUR virgesinn.

Eng aner Haaptrecette, déi mer awer all Joer hunn, ass den Impôt Foncier, also d’Grondsteier, déi um Territoire vun der Gemeng erhuewe gëtt. Hei sinn et Recettë fir 2025 vun 301.000 EUR a fir 2026 sinn 305.000 EUR virgesinn. Vu que dass mer gesinn, dass et um nationale Plang net zäitno zu Ännerunge wäert kommen, notamment wat eng Mobiliséierungssteier ugeet, si mer am Gaang ze kucken, ob mer eventuell verschidden Taux’en vum Impôt Foncier upassen.

Weider Recetten entstinn duerch d’Loyere vun de Wunnengen, déi mir als erschwéngleche Wunnraum verlounen.D’Recettë leien hei bei 205.000 EUR am BR vun 2025, a sou vill ass och fir 2026 virgesinn. Hei ass et awer esou, dass mer am Kader vum Bailleur social eis deemnächst mussen decidéieren, mat wiem mer an dësem Kader wäerte weiderschaffen, wat och en Impakt op eis Recettë wäert hunn.


Hei kann een awer och nach ënnersträichen, dass eis Ustrengungen am Beräich vum Klima- an Naturschutz belount ginn: d'Subventioune vum Staat fir eis Gold-Zertifizéierung an déi nei Sëlwer-Zertifizéierung belafe sech 2026 op 220.000 EUR.

Da war et och esou, dass mer fir 2023 an 2024 opgrond vun de méi héijen Zënsen an eise grousse Cash-Reserven Zënsen an Héicht vun 317.000 EUR, respektiv 376.000 EUR kruten. Fir 2025 rechne mir nëmmen nach mat engem Montant vun 140.000 EUR, an 2026 esouguer just mat 30.000 EUR. Dëst opgrondvun de méi niddregen Zënsen an och, well eis Suen op de Konten ab dem nächste Joer opgrond vun eisen Investitiounen drastesch wäerten zeréckgoen.Am Kader vun de Gemengerecetten ass virgesinn, an den nächste Méint verschidden nei Reglementer dem Gemengerot zur Ofstëmmung virzeleeën:

- Taxe fir Rappeller, déi vun der Recette musse gemaach ginn, well d'Rechnunge vun der Gemeng net bezuelt ginn;
- Adaptatioun vun den Tariffer fir Aarbechten, déi vun eise Servicer gemaach ginn an dem Client zeréck verrechent ginn. Dat aktuellt Reglement ass vun 1990 a muss un déi aktuell Realitéit ugepasst ginn;
- E Règlement-taxe fir d'Occupatioun vun der voie publique notamment am Kader vu private Chantieren;
- D'Kierfecht-Taxe-Reglement soll iwwerschafft ginn, notamment fir d'Taxe fir d'Urnen an d'Griewer am Kader vum Kierfecht-Ausbau ze reegelen.

Wat Recetten aus den Taxe vum Offall an der Waasser-Versuergung ugeet, souwéi der Musekschoul an der Maison Relais, analyséiere mer déi méi am Detail zesumme mat den Depensen an dësem Beräich.

- ## Dépenses ordinaires





Bei den ordinären Depensen ass d'Situatioun déi, dass nodeem dës vun 13,8 Milliounen EUR am Joer 2022 op 19,4 Millioune fir 2024 geklomme sinn, mer et elo fäerdeg bruecht hunn, dës ze stabiliséieren, respektiv dass se vill méi lues klammen. Fir 2025 rechne mer mat 19,6 Milliounen a fir 2026 mat 20,3 Milliounen EUR.

Dës Zuelen entspriechen enger Croissance vun 19,35% vun den Depensë vun 2022 op 2023, a vun 2023 op 2024 waren et 17,8%. Fir 2025 gesi mer awer elo just nëmmen nach en Zouwuess vun den ordinären Depensë vun 0,65%, a fir 2026 ass eng virsiichteg Croissance vun 3,54% virgesinn.

Dir gesitt also, dass mer probéieren, eis ordinär Depensen am Grëff ze halen, fir déi néideg finanziell Mëttel ze hunn, fir eis grouss Infrastrukturprojete realiséieren ze kënnen.

Et muss ee sech natierlech awer och drun erënneren, dass déi staark Croissance vun 2023-2024 och bedéngt war duerch déi vill Indextranchen, déi 2023 ugefall sinn a sech dann natierlech och am Compte 2024 erëmspigelen. Dës Indextranchen hunn ëmmer e groussen Impakt op eis ordinär Depensen, vu que dass d'Personalkäschte ronn 1/3 vun eisen Depensen ausmaachen.

## ○ Personal





Aktuell beschäftegt d'Gemeng 54 Leit (2024: 53), dovun 19 (2024: 18) an der Administratioun, 8 (2024: 8) am Service Technique, 1 (2024: 1) Garde-champêtre, 1 (2024:1) am Service scolaire, 18 (2024: 18) an der Régie a 7 (2024: 7) an der Conciergerie.

Heizou muss ee soen, dass dat ganz Sekretariat, also och de Volet vum Service technique, ënnert dem Beräich "Administration" regroupéiert ass.

An der Administratioun ass säit dem 1. Februar 2025 de Larry Da Luz an eisem Service vun de Relations Publiques als "Community Manager" bäikomm an ersetzt dem Andy Weber seng Tâche. Hien ënnerstëtzt haaptsächlech d'Vicky Jungbluth an allem, wat eis digital Kommunikatioun ugeet, a këmmert sech awer och ëm d'Organisatioun vu verschiddene vun eisen Eventer.

Säit dem 15. Abrëll 2025 schafft Sandy Lucius zesumme mam Natascha Parage-Kimmel am Accueil an hëlleft awer och an dem Sekretariat an der Facturatioun.

Fir 2026 si keng nei Poste virgesinn. Aktuell hu mer awer nach 2 oppe Posten am Service Régie, wouvun awer 1 mat engem EMI-Poste besat ass.




Bei der Evolutioun vun de Personalkäschte gesäit een, dass mer vun 2022 op 2023 nach eng Hausse vun 18,38 % haten. Fir 2023-2024 louch dës bei 8,49%, a fir 2024-2025 ass eng Hausse vun 8,55% virgesinn.

Hei muss ee sech drun erënneren dass 2023 insgesamt 3 Indextranchen erfall sinn, déi natierlech e groussen Impakt op 2023 an 2024 haten. Déi lescht Indextranche war elo op den 01.05.2025 an déi nächst ass fir dat 3. oder 4. Trimester 2026 virgesinn.


Da war et och esou, dass op den 01.01.2025 de Punktewäert vun de Gemengebeamten ëm 2% eropgaangen ass an eng weider Erhéijung ëm 0,5% op den 01.01.2026 virgesinn ass.

Fir 2026 gesi mer also eng Croissance vu 5,51% vir, wat awer ganz virsiichteg geschätzt ass, vu que dass den Impakt vun der Indextranche vun 2025 an 2026 net esou grouss sollt sinn an awer och de Punktewäert vu Gemengebeamten op den 01.01.2026 just nach ëm 0,5% klëmmt.

Zu de Personalkäschte kann een awer och nach soen, dass d'Gemeng am Kader vun de Mesures d'insertion vun der ADEM all Joer e Montant vun 200.000-220.000 EUR remboursséiert kritt.

Finalement ass jo och vum Gemengerot gestëmmt ginn, fir d'Kooperatioun mam CIGR Syrdall op den 31.12.2025 op en Enn ze bréngen, an ab dem 01.01.2026 iwwerhëllt Solina Aarbechtshëllef Asbl déi Aufgaben. D'Käschte fir Solina Aarbechtshëllef si quasi identesch budgetiséiert wéi dat, wat mer 2025 un de CIGR Syrdall bezuelt hunn.


### ○ Fonds pour l'emploi




Wei scho lescht Joer erkläert, ass de Berechnungsmodus vum Fonds pour l'emploi ugepasst ginn a baséiert elo op enger einfacher Formule, wou de Fonds pour l'emploi an direkter Relatioun mam ICC steet, deen um Terrain vun der Gemeng erwirtschaft gëtt, an et esou zu manner Diskrepanzen am Budget féiert.

Op där Basis hu mir fir 2025 eng Depense vu 506.608,30 EUR virgesinn, a fir 2026 sinn et 513.145,28 EUR. Beim Montant vun 2024 (480.043 EUR am Graphique) muss ee präziséieren, dass dëst eng Kompensatioun duerstellt tëscht dem "alen" Montant vum Fonds pour l'emploi vun 1.018.720,91 EUR an der Regularisatioun vun 538.678,12 EUR, déi an de Recettes ordinaires stinn.

### ○ Offall




Komme mer dann zu de Recetten an Depensen am Beräich vun der Offallentsuergung.


| | Dépenses | Recettes | Résultat |
|---|---|---|---|
| **2022** | 666 398,45 € | 493 585,40 € | - 172 813,05 € |
| **2023** | 759 398,07 € | 509 815,80 € | - 249 582,27 € |
| **2024** | 749 863,22 € | 535 151,97 € | - 214 711,25 € |
| **BR 2025** | 843 234,39 € | 540 750,00 € | - 302 484,39 € |
| **BI 2026** | 858 484,99 € | 560 750,00 € | - 297 734,99 € |

Beim Offall gesi mir fir 2026 eng liicht Steigerung vun de Recettë vu 540.750 EUR op 560.750 EUR, vu que dass jo en neit Taxereglement gestëmmt soll ginn, wat virgesäit, dass verschidden Taxen, notamment de variabele Kilopräis um Reschtoffall eropgesat gëtt, fir d'Offallentsuergung erëm käschtendeckend ze organiséieren. Dëst ass eng ganz virsichteg Schätzung, vu que dass mer jo hoffen dass vill Léit weider incitéiert ginn fir manner Rescht Offall ze entsuergen.


Bei den Depensë ginn dës vu ronn 750.000 EUR fir 2024 op 843.000 EUR fir 2025 erop, respektiv op 858.000 EUR fir 2026. Hei huet de SIAS jo viru Kuerzem eng nei Ausschreiwung gemaach fir d'Organisatioun vun der Offallkollekt an et muss ee kucken, wat den Impakt vun der neier Ausschreiwung wäert sinn.

Hei ass et op alle Fall d'Zil, fir souwuel Recetten an Depensen, notamment duerch d'Upasse vun der Unzuel vun de Kollekten, méi käschtendeckend ze organiséieren.


- ### Waasserversuergung




Fir d'Drénkwaasserversuergung gesi mir 2026 Recettë vun 1.050.000 EUR vir an Depensë vun 862.000 EUR. Hei ass jo och eng Ännerung am Taxereglement fir Drénkwaasser an d'Ofwaasser virgesinn, wat awer kee wesentleche finanziellen Impakt wäert hunn.





Beim Ofwaasser sinn et fir 2026 Recettë vu 720.000 EUR an Depensë vun 883.000 EUR. Hei muss ee soen, dass mer bei der Presentatioun vun dëse Statistiken d'Zuelen aus dem Budget ugepasst hunn, well d'Rechnung vum SIDEST vum 2. Semester 2023 sou spéit erakomm ass, dass dëst an der Comptabilitéit an 2024 verbucht ginn ass, wat d'Bild da verfälscht.




Gesamt gekuckt ass et also esou, dass mer aktuell ëmmer en Defizit beim Schmotzwaasser hunn an e Benefice beim Drénkwaasser, esou dass dat sech méi oder wéineger ëmmer ausgläicht, respektiv dass mer ëmmer liicht positiv sinn, woubäi een awer betoune muss, dass en Deel vun de Käschten iwwert den extraordinäre Budget finanzéiert gëtt, an dës och beim käschtendeckende Waasserpräis musse berücksichtegt ginn.

- ## Museksschoul





Wéi dir op dëser Grafik gesitt, huelen d'Depensë fir eis regional Museksschoul och ëmmer weider zou. Dës belafe sech fir d'Schouljoer 2024/2025 op 814.000 EUR an d'Subside vum Staat ware ronn 470.000 EUR, sou dass mir als Gemeng 344.000 EUR gedroen hunn, wat 42,47% vun de Gesamtkäschten entspriécht. Am Schouljoer 2024/2025 haten insgesamt ongeféier 160 Schüler eng 6.460 Minutte Cours pro Woch.

Am Kader vun der Reevaluatioun vum Enseignement Musical, déi vum MENJE gemaach ginn ass, ass zeréckbehale ginn, fir eng Upassung vun de Subsiden ze maachen, fir dem Gesetz iwwert d'Upassung vun den Aarbechtskonditioune vun de Museksenseignantë Rechnung ze droen an dës Méikäschte besser ofzedecken. Esou soll de Montant vum "taux annuel de base par minute" ab dem Schouljoer 2025-2026 op 41,32€ eropgoen, dëst mécht ongeféier eng Steigerung vun 10% fir déi Coursen aus.


D'Unzuel vun de Kanner, déi an d'Musekschoul ginn, klëmmt och ëmmer weider a mir wäerten och an Zukunft net dolaanscht kommen, fir bei verschidde Coursë Waardeléschten ze hunn, op d'mannst um Ufank vum Joer, déi da meeschtens duerch Abandone kënnen ofgeschafft ginn.

- **CGDIS**




Wéinst der Decisioun vum Staat, verschidde Käschten integral ze iwwerhuelen, ass de Bäitrag vun de Gemengen um Finanzement vum CGDIS zanter 2025 däitlech erofgaangen. Fir 2026 ass awer eng Hausse vu bal 22% virgesi wat d' Participatioun vun der Gemeng betrëfft. Elo bleift et ofzewaarden, wéi sech dat iwwert déi nächst Jore wäert entwéckelen.


- **Protection sociale**




De Gemengerot huet a senger Sitzung vum 29. Januar 2025 decidéiert, dass d'Gemeng ab dem 1. Januar 2026 just nach 50% vun der Allocation de vie chère, respektiv der Energie-Primm ausbezuelt amplaz vun 100%, wéi dat am Kader vun der Corona-Pandemie agefouert gi war. Dëst féiert dozou, dass d'Ausgabe fir dës Mesure am Budget 2026 just nach op 100.000 EUR geschat ginn amplaz vun den aktuell geschätzten 170.000 EUR fir 2025.

Do dernieft geet awer d'Participatioun vun der Gemeng Schëtter um Budget vum Office social fir 2026 op 117.565 EUR erop.

- ### Maison Relais




Zu de Fonctionnementskäschte vun der Maison Relais ass et esou, dass de Staat 75% vun de Käschte bezilt a mir als Gemeng déi aner 25%. Fir de Fonctionnement vun der Crèche iwwerhëlt de Staat integral d'Käschten. Bis 2023 baséieren d'Zuelen op den Decompten, déi ofgeschloss sinn. Fir 2024 hu mir nach keen definitiven Decompte kritt, mee et kann ee soen, dass de Budget fir 2024-2026 tëscht 785.000 an 850.000 EUR variéiert.

Hei kann een nach soen, dass Zuel vun den ageschriwwene Kanner an der Maison Relais vun 358 am Joer 2022 op 366 fir 2025 (mat engem Pic vun 368 Kanner fir 2024) geklommen ass. Zanter mer am November 2023 de Pavillon Cadolto mat bäigeholl hunn, gëtt et och keng Waardelëscht an der Maison Relais méi.

An der Crèche hu mir jo 50 Plazen, déi quasi ëmmer all besat sinn. Do ass ëmmer Variatioun zu deene Momenter, wou d'Kanner kënnen an de Précoce wiesselen. Aktuell si 16 Kanner op der Waardelëscht, wou déi meescht awer eng Plaz ab September 2026 oder Januar 2027 froen, also wou d'Kanner aktuell nach net op der Welt sinn.

- **Kommunikatioun**

| | | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|
| Schëtter ouni Pabeier | Gemengebuet | 2000 | 450 | 650 |
| Schëtter ouni Pabeier | Event-Block | 1650 | 450 | 500 |

| | | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|
| Schëtter App | Downloads | 259 | 394 | 360 |
| Schëtter App | Total Ouvertures | 12188 | 36236 | 152798 |
| Schëtter App | Ouverture (Moyenne par mois) | 1524 | 3294 | 9923 |
| Schëtter App | Report It | | 164 | 236 |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Schëtter App | Push Noorichten | | 766 | 1805 |
| Schëtter App | *Actualité* | | *283* | *1001* |
| Schëtter App | *Parents d'élèves* | | *1* | *2* |
| Schëtter App | *Virtuell Bréifkëscht* | | *18* | *21* |
| Schëtter App | *Gestion Déchets* | | *464* | *781* |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Newsletter | Inscriptions | | 343 | 410 |

Am Kader vun eisem Digitaliséierungskonzept hate mer jo 2024 eng éischt Mesure vu Schëtter ouni Pabeier ëmgesat, an deem Printmedie vun der Gemeng just nach an déi Boîtte verdeelt ginn, déi dëst ausdrécklech duerch e Sticker signaliséieren. Aktuell ass d'Situatioun déi, dass mir bei enger Oplag vu 650 Exemplairë fir de Gemengebuet sinn, beim Eventblock hu mer d'Quantitéit awer och eropgesat op 500 Exemplairen, fir dass mir nach eng Reserve op der Gemeng behalen. Et war jo elo rezent nach mol eng Informatiounscampagne gemaach ginn, fir eis Bierger iwwert déi verschidde Kommunikatiounsweeër vun der Gemeng ze sensibiliséieren.

Zanter dem Hierscht hu mer jo elo och en neien Design fir eise Gemengebuet, deen no engem Appel d'offres mat engem klenge Concours ab elo vun der Agence MARU wäert gemaach ginn. An der Suite vun der Verstäerkung vun eisem Service Relations Publiques hu mer awer de Social-Media-Kontrakt mat MARU net méi weider verlängert a wäerten an Zukunft op enger Devis-Basis schaffen, falls spezifesch Layoute gebraucht ginn.

An eiser digitaler Kommunikatioun si mer elo fir 2025 op 410 Leit, déi sech fir eisen Newsletter ageschriwwen hunn. Bei der Schëtter App klammen d'Zuelen

och vu Joer zu Joer.Esou sinn nach emol 360 Downloads vun der App dobäi komm, an d'Zuel vun de Kéieren, wou d'App opgeruff ginn ass, ass staark eropgaangen.

Am Kader vun den neien Ëffnungszäite vun der Gemeng ab dem 1. Januar 2025 ass et jo och méiglech, fir zu bestëmmten Zäiten och op RDV an de Populatiounsbureau ze kommen. Dës Offer gëtt ganz gutt ugeholl an insgesamt si bis elo bal 100 Rendez-vousen esou, ausserhalb vun de reguläre Ëffnungszäite fixéiert ginn. Hei kucke mer elo, wéi mer dës Méiglechkeet op aner Servicer ausweiden.

Dann ass och ze erwänen, dass d'HOPLR-App ganz gutt bei eise Bierger ukënnt a mer aktuell bei bal 700 Utilisateure sinn. D'App gëtt ganz aktiv genotzt, souwuel vun der Gemeng wéi vun de Bierger.

- **Divers**

Bei deenen aneren Depensë kann een nach follgend Punkten ervirhiewen:

Wéi beim leschte Budget ugekënnegt, huet de Gemengerot a senger Sitzung vum 29. Januar 2025 decidéiert, fir d'Subside fir d'Veräiner no uewen unzepassen. Insgesamt sinn 2025 Subsiden un d'Veräiner an Héicht vu bal 77.000 EUR ausbezuelt ginn, wat eng Steigerung zu 2024 vun iwwert 24.000 EUR, respektiv 46,37% ass. Mat dëser Adaptatioun hu mir eis Veräiner konsequent gestäerkt, fir weider eng interessant Offer fir eis Matbierger unzebidden.

2025 war och d'Joer vun de Feierlechkeete fir 35 Joer Jumelage mat eiser Partnergemeng Siegelsbach. Dës Festivitéite wäerten eis ongeféier 24.500 EUR kascht hunn. Déi vill flott Evenementer, wou nei Iddien ausgetosch goufen an och nei Kontakter entstane sinn, hunn dozou bäigedroen, fir eis Partnerschaft nach weider ze stäerken an an Zukunft auszebauen. Op dëser Plaz gratuléiere mer och nach mol dem Tobias Haucap fir seng Wiederwahl als Buergermeeschter vu Siegelsbach a freeën eis op eng weider gutt Zesummenaarbecht.

An de leschte Joren hu mer jo och vill a PV-Anlagen op de Gemengegebaier investéiert an zanter 2025 hunn och verschidden "Groupes de partage" tëscht eise Gebaier gegrënnt, fir de produzéierte Stroum effektiv ze notzen. Dëst fänkt elo u seng Friichten ze droen, well eis Haaptstroumkäschte fale vun 200.000 EUR an de Joren 2023 an 2024 op 175.000 EUR fir d'Joer 2025 oder nach manner, wat eng Aspuerung vun iwwert 10% ass, obwuel d'Stroumkäschten éischter geklomme sinn.

Wéi mer méi spéit gesi wäerten, ass et awer esou, dass opgrond vun eisem extraordinären Defizit et ka sinn, dass mer ab dem 2. Semester 2026 eventuell en éischten Emprunt mussen ophuelen. Hei hu mir dofir an den ordinären Depensen e Remboursement vun 100.000 EUR virgesinn.

| | 2024 | BR 2025 | BI 2026 |
|---|---|---|---|
| Recettes ordinaires | 27 628 130 € | 29 033 526 € | 30 825 161 € |
| | 11,87% | 5,09% | 6,17% |
| Dépenses ordinaires | 19 442 086 € | 19 568 067 € | 20 260 833 € |
| | 17,80% | 0,65% | 3,54% |
| Résultat ordinaire | **8 186 045 €** | **9 465 459 €** | **10 564 328 €** |
| | -0,08% | 15,63% | 11,61% |

Op Basis vun dësen Zuele wäerte mer dann 2025 mat engem ordinäre Benefice vun 9,5 Milliounen EUR ofschléissen, an och am Budget 2026 gesi mer eng weider Steigerung vum Benefice op 10,6 Milliounen EUR vir.

Hei ass ervirzehiewen, dass eis Depensë fir 2025 a fir 2026 vill méi lues géife wuesse wéi eis Recetten. Dëst erlaabt et eis, fir eist Resultat fir 2025 ëm 15,7% ze steigeren a fir 2026 sinn nach emol 11,6% virgesinn. Wann een do awer déi exzeptionell Recettë vun 2025 an 2026 erausrechent, da gëtt et scho méi e realistescht Bild:


| | 2024 | BR 2025 | BI 2026 |
|---|---|---|---|
| Recettes ordinaires | 27 628 130 € | 29 033 526 € | 30 825 161 € |
| Recettes exceptionnelles | | 622 733 € | 1 608 088 € |
| | | **28 410 793 €** | **29 217 073 €** |
| | 11,87% | 2,83% | 2,84% |
| Dépenses ordinaires | **19 442 086 €** | **19 568 067 €** | **20 260 833 €** |
| | 17,80% | 0,65% | 3,54% |
| Résultat ordinaire adapté | **8 186 045 €** | **8 842 726 €** | **8 956 240 €** |
| | -0,08% | 8,02% | 1,28% |

Dann ass et nach ëmmer esou, dass eis Recettë fir 2025 méi séier wuesse wéi eis Depensen, fir 2026 wier et dann eng Progressioun vun de Recettë vun 2,84% a vun den Depensë vun 3,54%, woubäi een awer am Kapp muss halen, dass eis Recetten éischter virsiichteg geschätzt sinn an d'Depensen éischter ze héich.

Da komme mer zum extraordinäre Budget, wou de Claude wäert ufänken.

**Virstellung Budget 2026**

Ech fänke mat engem ganz flotte Projet un, deen eigentlech en Investissement an de Patrimoine vun der Horticulture ass, an deen och ganz staark zu der Biodiversitéit bäidréit. Derniewent ass et eng touristesch Attraktioun, déi perfekt an de Parc vum Minsber Schlass passt. Dir hutt entre-temps verstanen, datt ech vun der Extensioun vun der Roseraie, also vum Rousegaart schwätzen. Mir hunn hei 100.000 EUR virgesinn, **Artikel 4/430 Tourisme**, an d'Aarbechte sollen am Fréijoer ugoen, fir datt am Hierscht ka geplanzt ginn. Et kann een, wann een de Plang kuckt, eigentlech vun 3 neie Beeter schwätzen, wouvunner an Ofsprooch mat de Lëtzebuerger Rousefrënn, also dee Veräin, dee sech mat vill Léift a mat vill Kompetenz ëm de Rousegaart këmmert, an der éischter Phas mol 2 Beeter realiséiert ginn. Dëst erméiglecht, datt progressiv ka geplanzt ginn an de Gaart dann och eng Chance kritt unzekommen, an net alles iwwer e puer Joer Chantier ass.



Leider ass de Klimawandel en Thema, wou eis och vill beschäftegt, esou hu mir e Staarkreekonzept fir Minsbech opgestallt, an dëst Konzept soll dann 2026 och fir déi aner Uertschaften erstallt ginn. **Artikel 4/520 Gestion des eaux usees,** mat **100.000 EUR**. Bei der Ëmsetzung wäert hei och den Challenge sinn, d'Proprietären dovun ze iwwerzeege matzeschaffen. D'Zil soll jo sinn, Zonen ze schafen, wou d'Waasser sech bei engem Staarkreevirfall kann ausbreeden, ouni datt déi Flächen elo fir d'Landwirtschaft oder wéi se soss gebraucht ginn, ewechfalen. E Staarkreen ass eben e punktuellt Phänomen, a wann d'Waasser dann ongebremst an den urbane Raum geleet gëtt, dann ass dat enorm problematesch.

Eng vun de ganz wichtegen Aufgaben an esouguer eng Obligatioun, ass den Drénkwaasserreseau vun der Gemeng.

Ënnert deem selwechten Artikel fält dann déi enorm Depense fir de SIDEST op, wou mir dann eis Quote-Part fir den Ausbau vun der Kläranlag leeschte mussen. Dëse Betrag bedréit wéi am Budget vum SIDEST virgesinn, **3.000.000 EUR** fir 2026.



Mir sinn dann och mat der Installatioun vu PV-Anlage ganz gutt virukomm, wann een dann och an der Praxis ëmmer erëm feststelle muss, datt all Chantier seng Tücken huet, an et oft vill Energie kascht, an dësem Fall da mol Energie muss investéiert ginn, ier Energie ka produzéiert ginn. Dëst fir all corps de métier ze koordinéieren, bis d'Anlag dann endlech kann un de Reseau goen. Wat d'Anlag méi grouss ass, dat läit an der Natur vun der Saach, wat den techneschen Opwand méi komplex ass an et méi laang dauert, bis all Konditiounen erfëllt sinn. Awer "Ende gut, alles gut", hu mir praktesch elo op all Gebai esou eng Anlag, a mir wäerten dann och an Zukunft dee positiven Impakt am Budget kënne bei den Depense feststellen.

Mir hunn jo als Gemeng eng Energiecommunautéit opgestallt, an all de Stroum, dee produzéiert gëtt, gëtt mol fir d'éischt selwer verbraucht. E grousse Merci och eise Leit vum Service technique, déi dës Projete geréieren, a wéi gesot, et leeft leider meeschtens net vum selwen.

**Artikel 4/532 Mesures d'économie d'énergie**

Mir fueren och weider, eis Beliichtungen duerch e modernen Eclairage ze ersetzen, dee manner Stroum verbraucht.

Grad fir den EP, den éclairage publique, gëtt och ëmmer gekuckt, aner ëmweltfrëndlech Aspekter ze respektéieren, wéi d'Wellelängt vun der Luucht fir insektefrëndlech Luucht, an natierlech d'Liichtverschmotzung op e Maximum ze begrenzen. Op der anerer Säit stinn dann d'Sécherheet an och d'Normen, déi mussen agehale ginn. Mir halen eis och wäit méiglechst un eist Konzept. Et sinn hei **80.000 EUR** virgesi vun engem Kredit, dee scho méi laang leeft, an dann nach eng Kéier en neie Kredit vun **250.000 EUR** fir Luuchten an der Schoul ze ersetzen, an den Eclairage vun eise Stroossen a Weeër, an do speziell an der Zone d'activité. Dat war op der Plaz bis elo technesch net méiglech, mee d'Creos huet elo um Reseau Upassunge gemaach an elo funktionéiert et. A mir passen natierlech och op, fir déi Subsiden ze kréien, déi hei méiglech sinn.

Da stinn ënnert dësem selwechten Artikel awer och Sue fir de Klimapakt. Dat sinn **150.000 EUR** fir eng ganz Rei vu Mesuren a vun Outilen, déi mir eis ginn hunn oder wëlle gi fir eis Projeten, an awer och zum Deel de Leit dobaussen ze gutt kommen, fir manner Energie ze verbrauchen, oder alternativ Energien anzesetzen. Awer och Kreeslafwirtschaft a Ressourcë schoune sinn d'Ziler. Och stinn ënner dësem Artikel déi **250.000 EUR,** déi

d’Gemeng fir d’Subside fir d’nohalteg Entwécklung an d’Upassung un de Klimawandel fir d’Bierger virgesinn huet.

Fir d’Aarbechten am Kader vum Naturpakt sinn ënnert dem Artikel **4/542 Protection de la nature 50.000 EUR** virgesinn. Hei falen allerhand Mesurë wéi Insektenhoteler, nohalteg Gestioun vun den ëffentlechen Anlagen asw. drënner. Hei muss ee wëssen, datt awer e groussen Deel vun den Aarbechten, déi vum Naturpaktberoder encadréiert ginn, dee beim SIAS ugesidelt ass, och iwwer de Budget vun de Fongprojeten, also dem Fond pour la protection de l’environnement, finanzéiert ginn.

Mir si jo sëlwer-zertifizéiert, wat den Naturpakt ugeet, a striewe fir 2027 d’Gold-Zertifizéierung un. Haut ass zu Lëtzebuerg 1 Gemeng gold-zertifizéiert, an 9 Gemenge sëlwer, dovunner 2 am SIAS-Gebitt. Ech mengen, dat ass schonn e flott Resultat, wat mir hei opzeweisen hunn.

Ausserdeem kréie mir iwwer den Naturpakt duerch eis Sëlwer-Zertifikatioun och méi en héije Subside vun 120.000 EUR eran, deen een ënnert dem Artikel **2/542** an de recettes ordinaires fënnt.


**Artikel 4/426 Voirie vicinale –** dat ass en Artikel, deen eis deier kascht, mat **4.025.000 EUR** fir 2026. Wat sinn hei d’Projeten, déi dohannert stiechen?

Dat ass da mol eise Foussgänger- a Vëloswee vun der Minsber Gare bis an de Parc d’activités Syrdall, deem mir ëmmer méi no kommen. Mir hu jo elo eng Ëmweltgeneemegung déi eis verflicht, en habitatbezogenes Monitoring ze maachen, an net en artenbezogenes Monitoring. D.h., mir mussen noweisen, datt déi Heckestrukturen, déi mir geplanzt hunn, och ukomm sinn, an dat kënne mir normalerweis am Fréijoer maachen. Mir brauchen also net nozeweisen, datt d’Hieselmaus och geplënnert ass. Wat och Sënn mécht, well d’Hieselmaus ass jo och net nogewise ginn, well se gesi gouf, mee et goufen nëmme Kotspuere fonnt. Et ass och dervun auszegoen, dat d’Hieselmaus sech aus de Féiss mécht, wann do d’Hecken ewechgemaach ginn, well et si jo nach ëmmer vill besteeënd Heckestrukturen do, an déi nei Hecke garantéieren den Iwwergaang. Et sollen awer och nach Holzkéip an Nisthilfen amenagéiert ginn. Hei si fir **2026 150.000 EUR** fir d’Realisatioun vun dësem Wee virgesinn.

Da musse mir eng Strooss um Landtrausch bauen, wou mir d’Käschte mat Nidderaanwen deelen, well d’Grenz genee an der Mëtt vun dëser Strooss läit. Dës Strooss ass fir dat neit Gebai fir de CIS Nidderaanwen-Schëtter, also de Centre d’intervention et de secours fir de CGDIS. Hei steet nach Complexe Multifonctionnel am Budget, mee mir schwätzen haut vum CIS a vum Re-Zenter, also alles, wat mat Reuse, Repair a Recycle ze dinn huet, oder den neie Ressourcenzenter vun de Gemenge Conter, Nidderaanwen, Sandweiler a Schëtter. Do entsteet awer och dat neit Bürosgebai fir de SIAS, wat jo dann haut 21 Gemenge sinn.

Mir fannen ënner dem Artikel **4/630 Alimentation en eau** verschidden Zommen erëm fir d’Modernisatioun an d’Sécherheet vun eisem Waasserreseau, wat jo och schonn an der Lescht am Gemengerot zur Diskussioun komm ass, a wou een dann och hei am Budget gesäit, datt d’Gemeng och an dësem Beräich hir Aufgabe méi wéi erfëllt.

Esou gesi mir 450.000 EUR vir, fir de Waasserbaseng um Neihaischen dann endlech ze ersetzen. Mir kënnen op der Parzell **1513/3990** en neie Baseng opriichten, an esou laang deen ale Baseng, dee jo net méi zäitgeméiss an ondicht ass, a Betrib loossen. Wann d’Installatioune fäerdeg sinn, kann da vum ale Baseng op den neie Baseng ëmgeswitcht ginn. Fir en Accès op de Chantier kënnen ze bauen, ass och scho mat de Proprietäre geschwat ginn, an de prinzipiellen Accord ass zougesot ginn. De Bureau d’études ass chargéiert e Kontrakt opzesetzen.









BEST
INGENIEURS-CONSEILS

Doniewent sinn awer och 275.000 EUR virgesinn, fir de Reservoir op der Boumillen ze erneieren. Do hu mir beim leschten Héichwaasser dann och misse feststellen, datt eisen Drénkwaasserreseau op dëser Plaz vulnerabel ass. Mir mussen eis leider op dës Situatiounen astellen, och dat ass Klimawandel, an eis géint d'Héichwaasser schützen. Och muss d'Bréckelche gefleckt ginn an d'Bierge vun der Birelerbaach stabiliséiert ginn. Hei sinn 100.000 EUR virgesinn. Verschidde kleng Mesurë fir déi permanent Verbesserungen am Kader vum Water Safety Plan sinn dann och fir 2026 mat 20.000 EUR virgesinn.

Den neien innovative SIAS-Ressourcenzenter an dat neit nohaltegt administratiivt Gebai fir de SIAS soll jo op den Terrain um Landtrausch gebaut ginn, e Gebai mat Virbildcharakter fir 25 bis 30 Leit Personal. Derniewent kënnt dann eng nei Kasär fir de Rettungsdéngscht vum CGDIS.




PLAN DE SITUATION

Den APD ass inoffiziell vum CGDIS validéiert, mir waarden op hiren Avis. De leschten Detail gouf mam CGDIS Exploitant - wéi ech se nennen - also eis Pompjeeë vu Schëtter an Nidderaanwen ofgekläert a festgehalen. Déi nächst Etapp wier de Vote hei bei eis am Gemengerot. Wann d'Pläng bis Enn vun dëser Woch kohärent sinn, d.h. Statik an Haustechnik op d'Pläng vum Architekt ugepasst sinn, da kéinte mir de Projet nach eventuell den 10. Dezember stëmmen. Mee am Moment si mir mat Nidderaanwen nach net ganz iwwer d'Modalitéiten eens, wéi mir d'Käschten an den Terrain geréieren an dat kann de Projet elo nach verzögeren.

Et gouf och hei probéiert, d'Käschte mat Erfolleg ze drécken, wat natierlech och dru läit, datt een elo am APD méi detailléiert Informatiounen huet an déi néideg Decisioune konnt treffen. Mir wäerten dann elo bei engem Käschtepunkt vun ongeféier 7,6 Milliounen EUR leien. Do gëtt et laut Circulaire fir eng Kategorie 2bis e Plaffong vun 2.500 EUR par habitant a 650.000 EUR par racine du km2 mat engem Taux vu 45% fixe. Duerno lount de CGDIS dann de Bau op 25 Joer fir net grad 59.000 EUR d'Joer, a bezilt och nach fir den Entretien 16.500 EUR.

**4. Indemnités**

Sur base de l'analyse ci-dessus, et sous réserve d'une réalisation conforme aux modalités stipulées dans le règlement grand-ducal du 1er mars 2019 fixant les modalités de calcul de l'indemnité de mise à disposition des biens immeubles destinés à héberger un Centre d'Incendie et de Secours, l'indemnité attribuée est estimée à

| Période | Indemnité fonctionnelle | + | Indemnité d'entretien | = | Indemnité annuelle |
|---|---|---|---|---|---|
| I ≤ 35 ans | 58.987,50 € | + | 16.500,00 € | = | 75.487,50 € |
| I > 35 ans | 10.725,00 € | + | 16.500,00 € | = | 27.225,00 € |

Le détail du calcul se trouve dans le tableau en annexe. Le montant définitif de l'indemnité annuelle sera établi lors de la mise en service sur base de la réalisation effective.



Ënnert deem selwechten Artikel fënnt een och den ale Bau an der rue du Château, deen der Amicale vun de Pompjeeë gehéiert. Hei ass d'Iddi, fir e Versammlungsraum ze bauen an de Projet kann och ënner d'Entwécklung am ëffentleche Raum falen. Duerfir maache mir den 12. Januar 2026 eng Versammlung mat eise Veräiner. De Save the date hu se scho kritt an eng

Dagesuerdnung kënnt nach no. Iwwert dëse Wee kann dëse Projet dann och subventionéiert ginn.

De Projet vum SIAS, an ech hat et scho gesot, de faméise Re-Zenter, fanne mir bei eis am Extraordinaire ënner dem Artikel 4/510 mat 660.000 EUR. Et ass och elo esou, datt d'Gemeng Schëtter zwar de Projet nach mat eise Kompetenzen am Service technique ënnerstëtze wäert, mee datt de Maître d'ouvrage awer de SIAS ass.

Den APD gëtt nom haitege Plang den 12. Februar 2026 am SIAS-Comité gestëmmt. Zil ass et jo, fir 2029 gebaut ze hunn. De SIAS hat am Summer jo seng Member-Gemenge breet iwwer de Projet forméiert.

Wat d'Extensioun vun der Gemeng ugeet, hu mir jo den 9. Juli 2025, also am Summer, den APD gestëmmt.

Mir kréien domat modern a funktionell Raimlechkeeten, fir datt d'Gemeng optimal ka funktionéieren. Natierlech gëtt beim Bauen no der Nohaltegkeet gekuckt an den Energieverbrauch ze minimiséieren. Déi Energie, déi fir ze hëtze gebraucht gëtt, gëtt iwwer Geothermie gewonnen.

Mir behalen an dësem Gebai och d'Potential, wann de Staff nach géif wuessen. Mir hu Versammlungraim an alles, wat fir e moderne Fonctionnement néideg ass, an engem an deem selwechte Gebai. Mir kréien och eng aluedend a biergerorientéiert Receptioun.

Eleng fir dësen Deel am Kader vum NDK, sinn ënnert dem Artikel **4/690/ 2.075.000 EUR** virgesinn. De Gesamtbudget fir d'Gemeng wäert sech op ongeféier 16,5Milliounen EUR belafen.



Da wëll ech nach kuerz op déi Acquisitiounen agoe vun Terrainen, déi mir a leschter Zäit gemaach hunn an nach maache wäerten.

Dat sinn effektiv vill Suen, déi d'Gemeng an Hand hëlt, mee domat ginn d'Weiche fir d'Zukunft fir eis Gemeng gestallt. Mir wëssen alleguer, datt mir mat Projete blockéiert waren oder keng Léisungen haten.

Mir hu konnten zu Iwwersiren de Routert kafen. Domat kann d'Gemeng elo hiren Atelier dohinner bauen, well, a mir sinn schonn oft drop agaangen, um Landtrauch de Projet extrem komplex gi wier, souwuel fir d'Bauphasen, wéi fir d'Exploitatioun, an och d'Ponts et Chaussées, wat eng gutt Iddi war, si mat anzebannen, awer net am selwechte Rhythmus virunzekommen. A virun allem wollte Ponts et Chaussées och keen Impakt op hire Betrib, d.h. esou wéi si haut schaffen. An dat ass schlussendlech net méiglech gewiescht.

Virun allem hu mir awer elo d'Méiglechkeet, och do eng komplett nei Tennis-Infrastruktur ze bauen, mat enger Hal. Mir wëssen, datt de Ballon um Enn ass, an och energietechnesch eng Katastroph.

Dann hu mir den Haff Altmeisch kaf, an domat kënne mir konkret, ëmmer an Zesummenaarbecht mat der Famill Molitor un engem Projet SHPA, also structure d'hébergement pour personnes âgées, schaffen. Och an deem Dossier menge mir, hu mir geschwënn déi néideg Informatiounen, fir kënnen

doriwwer mam Gemengerot ze schwätzen. An ech schwätzen hei net vun engem fäerdege Projet, mee vun Iddien, vu Saachen, déi machbar wieren, a villäicht vu méigleche Pisten an Optiounen.

Och um Langefeld, also bei der Schoul, si mir zesumme mam Staat amgaangen Accorden ze fannen a Kafpropositiounen ze maachen. Den Hannergrond ass jo eise Schoulausbau a virun allem d' Chantiersinstallatioun.

An da last but not least, hu mir och mat der Famill Schmit en Accord, deen elo nach formaliséiert muss ginn, fir d'Gebai vum Café Schëtter Stuff ze kafen, an eppes méi spéit dann och d'Eefamilljenhaus ënnendrënner. Domat ass dann och d'Situatioun vun der Plaz gekläert, wou jo och nach 2 Ar der Famill Schmit gehéieren.

Dat ass och zanter Joerzéngten, wou mir doriwwer schwätzen, datt een de Café misst kafen. An ech sinn och iwwerzeegt, datt et richteg ass, well domat hu mir enormt Potential an eisem neien Duerfkär, an och e Café, wou d'Gemeng an der Hand huet, huet vill Virdeeler.

Wann d'Leit un d'Gemeng verkafen, hu se eng ganz Rei Virdeeler, an trotzdeem muss de Präis fair sinn. Mir wëssen och, an dir huet de Budget virun iech leien, datt och d'Gemeng net finanziell onbegrenzte Mëttel huet, a mir mussen eis Sue mat Verstand a responsabel ausginn. Trotzdeem sinn déi Acquisitiounen, déi ech elo opgezielt hunn, strategesch immens immens wichteg, an déi wäerte sech an der Zukunft bewären.

Ech wëll awer kloer stellen, datt elo e grousse Projet mam Café net prioritär ass, an do och nach Suen iwwer de Loyer erakommen. Mir kënnen net alles zesumme stemmen, weder finanziell nach vun de Ressourcen aus, an den neien Duerfkär huet elo mol Prioritéit. Mir kënnen elo berouegt viruschaffen, well déi Situatioun gekläert ass, well déi dauert jo elo schonn zanter 1974 un, wann ech mech net ieren.

Mir hunn elo d'Weiche gestallt, fir eis Gemeng esou opzestellen, wéi mir dat alleguer wëllen, well déi Projeten, deene se ze gutt kommen, hu mir alleguer, a schonn déi Gemengeréit virdrun, als wichteg erkläert an och dru gegleeft a geschafft. Déi Sue sinn also gutt investéiert, och wa se elo net méi am Portmonni sinn. Ech mengen, mir sinn duerfir gefuerdert, an Zukunft gutt a besser ze investéieren, mat Infrastrukturen, déi iwwer hire Liewenszyklus sech rentabiliséieren, am Géigesaz zu punktuellen Iwwergangsléisungen,


déi am Endeffekt da méi deier kaschten. Och passe mir jo drop op, méiglechst esou ze bauen, datt och Funktioune mol ugepasst a mat wéineg Mëttel geännert kënne ginn. Et weess een net, wat muer ass, mee et kann een awer virbereet sinn.

## Infrastrukture fir den 3. Alter




Mir wëllen och weiderhin de Besoine vun eise méi eelere Matbierger gerecht ginn a stinn am aktive Gespréich mat Proprietären iwwert e potenzielle Site fir Infrastrukturen am Senioreberäich. Am Mäerz 2025 hate mir schonn en éischte Rendez-vous am Inneministère, fir iwwert eng potenziell PAG-Erweiderung an dësem Kontext ze diskutéieren. Zousätzlech sti mir a Kontakt mat Déngschtleeschter an dësem Beräich, fir eis professionell beroden ze loossen. Fir déi néideg Analysen an Etudë weider kënnen z'avancéieren, hu mir fir 2025 e Budget vun 10.000 EUR a fir 2026 e Budget vun 30.000 EUR virgesinn.

Am Kader vum Ausbau vum **CIPA Nidderaanwen**, wou mir jo een zousätzlecht Zëmmer am Demenzberäich kruten, hu mir 2025 eng éischt Tranche vun 150.000 EUR iwwerwisen. Fir d'Joer 2026 ass nach emol eng Tranche vun 178.000 EUR virgesinn, an de Reschtsolde gëtt dann 2027 nom definitiven Decompte iwwerwisen. Stand September 2025 beleeën 20 Leit vu Schëtter Zëmmeren am Cipa.



Am Kader vum Ausbau vun der **Seniorerie Ste Zithe** zu Conter solle 54 Zëmmere bäikommen. De Bau ass fir 2027/28 geplangt. Hei hu mir als Gemeng Schëtter eisen Interessi fir en Droit prioritaire op Zëmmeren offiziell matgedeelt. Fir dëse Projet ass 2026 eng Participatioun vu 50.000 EUR am Budget virgesinn.

## Ausbau Schoulcampus „an der Dällt“




Déi éischt Ausbauphas vum Schoulcampus geet am Fréijoer 2026 un. Als éischt Mesure gëtt e provisoresche Restaurant virun der aktueller Maison Relais installéiert. Dee gëtt a Form vu Containerelementer un déi aktuell Maison Relais ugeschloss. Fir dëst ze realiséieren, wäert en Deel vum Parking virun der Maison Relais ewechfalen. D’Käschte fir dëse Modulbau sinn am APD, dee mir den 09.07.2025 gestëmmt hunn, mat virgesinn.



De Modulbau vun der aktueller Mensa gëtt op de Site hei vis-à-vis vun der Kierch, „Hannert Thommes“ verluecht. Fir dësen Deplacement, inklusiv den néidegen Terrassementsaarbechten, hu mir e Budget vu 600.000 EUR virgesinn. An dësem Budget ass och de provisoresche Parking, deen op dësem Site geplangt ka ginn, mat abegraff.

D'Mensa, déi „Hannert Thommes“ verluecht gëtt, soll als provisoresch Iwwergangsléisung vun de Scouten, dem Schëtter Treff an eventuell och vum Club des Jeunes genotzt ginn.

Fir dat neit Gebai vum Cycle 1, besteeënd aus Precoce, Spillschoul an der Maison Relais, hu mir jo am Gemengerot vum 09.07.2025 e Gesamtmontant vu 27,4 Mio EUR gestëmmt.



Am Budget 2026 ass fir dëse Projet e Montant vu 5.500.000 EUR virgesinn. Dovu sinn **2.200.000 EUR** fir d'Maison Relais an **3.300.000 EUR** fir d'Schoulinfrastrukture budgetiséiert.

An dësem Gebai sinn um Rez-de-Chaussée e Sall de repos, e Psychomotriksall, e Sall rythmique a 4 Klassesäll fir de Precoce, e Sall fir d'Educateuren an e Sall fir de Jeu de rôles virgesinn. Um éischte Stack entsti 9 Klassesäll fir de Cycle 1, e Sall fir d'Enseignanten, souwéi zwee Appui-Säll. Um Daach ass d'Technik virgesinn.





Fir de Volet „Schoul", also de Cycle 1, hu mir de 16. Juli dëst Joer eng Demande de Subside beim Inneministère gestallt. Laut sengem Circulaire vum 21. Juli ass e Plafong vun 8.000 EUR pro m² als Subside fir e Klassesall virgesinn. Hei hu mir fir 2026 eng éischt Avance vun 1.875.000 EUR virgesinn.
Fir den Deel vun der Maison Relais hu mir de 16. Oktober 2025 e Subside vun 1.750.000 EUR accordéiert kritt. Déi éischt Tranche vu 50%, also 875.000 EUR gëtt eis 2026 ausbezuelt.

Fir d'Planifikatioun vum Ëmbau vun den aktuelle Gebaier 6 a 7, do wou momentan d'Bibliothéik an de Cycle 1 dra sinn, hu mir fir 2026 e Budget vu 50.000 EUR virgesinn. Fir d'Planung vun der Transformatioun vun de Gebaier 1 a 3 ass e Budget vun 30.000 EUR virgesinn.

Nieft dem Projet vum Ausbau vun eiser Schoul läit eis natierlech och d'Wuelbefanne vun eise Schüler, Enseignanten an Elteren um Häerz. Dofir plange mir fir 2026 eng Schoulëmfro, déi et eis erméiglecht, nach besser op d'Besoine vun alle Bedeelegten anzegoen. Fir dëse Projet gesi mir e Budget vu 40.000 EUR vir.

### Jugendhaus

D'Sanéierung vum Jugendhaus start am Joer 2026, a mir plangen den APD am 1. Semester 2026 hei am Gemengerot virzestellen. Fir 2026 hu mer e Budget vu 700.000 EUR virgesinn. Mir hunn eis mat de Verantwortleche vum Jugendhaus zesummegesat an hinnen d'Méiglechkeet ginn, aktiv un der Planungsphas matzewierken. Aktuell si mir am Gaang, no enger Iwwergangsléisung ze sichen, sou dass d'Jugendhaus wéi gewinnt ka funktionéieren, oder fir de Projet an Etappen ze realiséieren.




### Club des Jeunes

Am Abrëll 2026 gëtt mam Ofrappe vun der Bud ugefaangen. Fir dës Ofrappaarbechten an den Ufank vum Bau ass am Budget e Montant vun 175.000 EUR virgesinn. Fir dëse Projet maache mir eng Demande de Subside beim MENJE

(Ministère de l'Education nationale de l'Enfance et de la Jeunesse) an dem Service de développement rural.

### Sylviculture

Déi extraordinär Investissementer ginn zu jee 50% vun der Gemeng Nidderaanwen an zu jee 50% vun der Gemeng Schëtter gedroen. Am Joer 2025 si verschidde méi grouss Uschafungen duerchgefouert ginn, ënnert anerem eng mobil See, en Trakter an en Holzspalter, sou dass sech de Gesamtmontant op 305.500 EUR beleeft - dat sinn 21.500 EUR méi wéi geplangt waren. Fir 2026 si weider Investissementer virgesinn: eng Dron mat Wärmebildkamera, en Elektroauto, e Balkenmäher an nach puer méi kleng Uschafungen. Insgesamt hu mir fir 2026 e Budget vun 94.500 EUR virgesin.



- **Abordabele Wunnraum**
    - **Subside fir ofgeschlosse Projeten**



Am Kader vum Projet vum Jugendwunnen “um Schënnbierg” hu mer eng Demande beim Ministère du Logement gestallt fir en Avenant vun der Konventioun vum 24. November 2021. An dëser Konventioun war e Subside an Héicht vun 1.408.000 EUR accordéiert ginn. 2025 hu mer eng éischt Tranche vum Subside vun 1.130.880 EUR ausbezuelt kritt. Bei der Demande fir d’Liquidation finale vum Subside hu mer ugefrot, fir déi zousätzlech Käschte par rapport zum Devis initial och a Compte geholl ze kréien. Hei rechne mer am Budget 2026 also mat engem zousätzleche Subside vun 377.120 EUR. (Coût total laut Decompte vum 11.12.2024: 599.753,98 + Coût d’acquisition: 2.050.000 EUR)



Am Kader vun der 3. Wunnunitéit um leschte Stack vum Haus op 107, rue Principale hei zu Schëtter, hu mir och eng Demande fir e Subside fir dës zousätzlech Wunneng beim Ministère gestallt. Hei rechne mer mat engem Subside vun 400.000 EUR. (Coût total vun der Transformatioun laut Decompte vum 28.04.2025: 506.259,50 EUR)

- **Projet vu 4 Eefamilljenhaiser an der rue des Jardins**




Hei geet et ëm de Projet vu 4 Eefamilljenhaiser, déi aktuell am Bau an der rue des Jardins sinn. Et ass e Bau, dee vun Peter Smart Group als Entrepreneur realiséiert gëtt a vun MC Luxembourg begleet gëtt. Um Niveau vum Chantier geet de Bau ganz gutt virun an d'Haiser wäerten am Fréijoer 2026 fäerdeg gestallt sinn.

2024 ware schonn am dësem Kader 833.251 EUR bezuelt ginn, fir 2025 gesi mer insgesamt e Montant vun 1,5 Milliounen EUR vir, an da fir 2026 nach emol 1 Millioun EUR. Fir 2026 ass awer och virgesinn, fir de Subside vum Logementsministère an Héicht vun 360.512 EUR ausbezuelt ze kréien.

Beim Verkaf vun den Haiser ass et esou, dass aktuell 2 Haiser verkaaft sinn a wou och schonn den Bail empythéotique ënnerschriwwen ass: d'Redevance annuelle beleeft sech op en indexéierte Präis vu 497€ pro Parzell. Aktuell hunn déi 2 Acquéreure schonn 395.451 EUR fir de Bau iwwerwisen, a fir 2025 ass insgesamt e Montant vun 1 Millioun EUR virgesinn. 2026 sinn dann nach emol 1,6 Milliounen EUR virgesinn, an dann de Solde 2027.

Mir haten elo nach mol en Opruff gemaach fir Kandidature fir déi aner 2 Haiser, dee bis den 31. Oktober gelaf ass. Do si 6 Kandidaturen erakomm, déi elo aktuell vun MC Luxembourg ausgewäert ginn, an d'Leit kontaktéiert ginn, fir den néidege Finanzement unzefroen.

- **Logement abordable 162, rue Principale à Munsbach**




Am Kader vun dësem Haus, dat d'Gemeng de 14.04.2021 fir e Montant vun 870.000 EUR kaf huet a wat aktuell Schëtter Hëlleft ASBL gratis zur Verfügung gestallt gëtt, hu mer en Accord de Principe mam Fonds du Logement, fir hinnen deen Terrain iwwert e Bail emphythéotique zur Verfügung ze stellen, fir do Logement abordable ze realiséieren.

Hei gëtt aktuell awer nach eng nei Servitude agedroen, fir de Fousswee a Richtung Gare op déi aner Säit ze leeën, fir esou de Foussgänger vum Autosverkéier op de Parking ze trennen. Da gëtt och déi aktuell Servitude un déi reell Situatioun um Terrain ugepasst. Wann dës Servitudë bis agedroe sinn, kann dann och den Acte mam Fonds du Logement gemaach ginn. Am Projet d'acte ass virgesinn, dass d'Emphytheose ufänkt ab deem Moment, wou eng autorisation de démolition accordéiert ginn ass, spéitstens den 01.07.2028.

Hei muss elo nach gekläert ginn, wéi d'Gemeng Subsidë fir den Akafspräis vum Terrain ka kréien.

- **Logement abordable “PAP Schënnbierg”**



D’Infrastrukturaarbechte sinn all ofgeschloss an déi éischt Eefamiljenhaiser si schonn am Bau. Aktuell si schonn 5 Baugeneemegungen accordéiert ginn an 3 weiderer sinn an der Prozedur.

Wéi an de Konventiounen, déi am Kader vun dësem PAP vum Gemengerot am Januar 2023 validéiert gi sinn, huet d’Gemeng am Joer 2024 e Montant vun 705.000 EUR bezuelt fir déi 2 Loten, wou d’Residencen am Kader vum Logement abordable solle realiséiert ginn.

Den Decompte vun den Infrastrukturaarbechte misst och elo deemnächst kënnen ofgeschloss ginn. Do huet Gemeng sech jo verflicht, fir 9,74% vun dëse Käschten ze iwwerhuelen, wat initial op 249.963 EUR geschätzt gi war. Dofir sinn aktuell 300.000 EUR am Budget rectifié 2025 virgesinn.

Wat de Bau vun den 2 Residencë fir de Logement abordable betrëfft, hu mir e mëndlechen Accord, fir dës zesumme mam Promoteur social Simpact ze realiséieren. Mir bereeden elo e Bail emphythéotique mat hinne vir, dee mer dann dem Gemengerot zur Ofstëmmung virleeën.

- **Projet rue du Village zu Aal-Schëtter / PAP um Kallek**





D'Demolitioun vum Haus an der rue du Village ass aktuell am Gaangen, a wann d'Resultater vun de Buedemprouwe wéinst dem kontaminéiertem Buedem ofgeschloss sinn, kënnen dës Aarbechten ofgeschloss ginn. Dofir ass fir 2025 e Montant vun 100.000 EUR virgesinn, a fir 2026 nach eng Reserv vu 75.000 EUR.

Opgrond vum Cahier de charges vum Logementsministère fir de Logement abordable an awer och duerch déi applikabel urbanistesch Reegele gëtt dësen Terrain eventuell ganz oder zum Deel mat an de PAP "um Kallék" integréiert.

Bei dësem PAP krute mer am Oktober endlech de Retour vum INRA, dass déi zousätzlech archeologesch Fouillen, déi op dësen Terrainen néideg sinn, elo

gemaach ginn, an d'Aarbechten hunn och elo am November ugefaangen. Dës Aarbechte ginn integral iwwert den INRA finanzéiert.

Wann dës Fouillen ofgeschloss sinn an et keng Objektioune fir de PAP gëtt, hu mer virgesinn, fir en Accord de Principe mat all de Proprietären ze ënnerschreiwen, fir d'Modalitéite vun der Ëmsetzung vun dësem PAP festzeleeën an en da gegeebenefalls auszeschaffen an an d'Prozedur ze ginn. Fir dës Demarchen an d'Begleedung duerch en externe Bureau si fir 2025 25.000 EUR a fir 2026 nach emol 100.000 EUR virgesinn.


- **PAP – Um Bréim**



Am Dossier vum PAP Bréim, wou an den nächste Joren 88 Wunnunitéite wäerte gebaut ginn, hunn éischt Gespréicher fir d'Convention d'exécution ugefaangen, a parallel lafen awer och nach ëmmer déi néideg Prozedure mat den zoustännege Ministèren.

Hei si fir 2026 50.000 EUR fir eventuell Etüden an Analysen an dësem Kontext virgesinn.

- **PAP – rue de Senningen**



Dëse PAP ass jo am Gemengerot vum 25. Juni 2025 gestëmmt ginn, wou och virgesinn ass, dass d'Gemeng 2 Lote kritt fir Eefamilljenhaiser am Logement

abordable. Hei waarde mer aktuell op de Retour vun de Proprietären, fir d'Exekutiounspläng auszeschaffen.

## - Ënnerstëtzung fir eis Veräiner

### • Scoutshome



Am Gemengerot vum 09.07.2025 hu mer den Devis fir déi 1. Phas vun der Ëmsetzung vun dem neien Duerfkär ëmgesat. Hei gi jo d'Extensioun vun der Gemeng, déi nei Raimlechkeete fir de Club des Jeunes an den neie Chalet fir Scouten zesumme vun enger Entreprise générale exekutéiert. Heifir war am Gemengerot jo en Devis gestëmmt ginn an Héicht vu 26,9 Milliounen EUR. Heivunner gëtt geschätzt, dass ongeféier 9.113.200 EUR fir de Bau vum Scoutschalet gerechent musse ginn.

Beim Planning gesäit et esou aus, dass aktuell d'Ausschreiwung fir d'Infrastrukturaarbechten um Marché public publizéiert ginn ass, an dass dës Aarbechten dann am Fréijoer 2026 lass ginn. Am Abrëll mussen dann och den ale Scoutschalet an d'Bud vum Club des Jeunes ofgerappt ginn. Ab dem Summer solle dann déi richteg Bauaarbechten un den neie Gebaier ugoen.

Dofir sinn am Budget rectifié 2025 schonn Depensen an Héicht vu 600.000 EUR fir de Scoutschalet virgesinn, dëst fir d'Honorairë vun deene verschiddene Bureauen, déi um Projet schaffen, a fir 2026 sinn dann 1,16 Milliounen EUR virgesinn.

De 27. Februar 2025 hate Vertrieder vun der Gemeng a Metaform och eng éischt Entrevue mat der Direction générale de la Jeunesse vum MENJE, wou mir de Projet virgestallt hunn. Mat Courrier vum 20. Mäerz 2025 krute mir

och de schrëftlechen Accord de Principe fir eng Participation financière vum Ministère un dësem Projet. Aktuell gëtt déi formell Demande de Subside op der Basis vum APD preparéiert. Mir rechnen awer domat, dass mer fir 2026 schonn eng éischt Avance vum Subside kënne kréien, an hunn dofir mol 200.000 EUR virgesinn.

- **Infrastructure “Op Bissemt”**




D’Aarbechten un der neier Infrastruktur “op Bissemt” sinn aktuell voll am Gaang an et kann ee, gesinn, wéi dëst neit Gebai sech um Site integréiert. Aktuell féiert den Installateur seng Aarbechten aus, wärend bausse weider un der Fassad geschafft gëtt. De Planning gesäit, vir dass d’Aarbechte bis de Juni 2026 ofgeschloss solle sinn, fir d’Aweiung dann am Kader vun de Feierlechkeete vun 80 Joer FC Munsbach ze maachen.

Dëse Projet ass e ganz schwieregen Dossier, deen schonn eng ganz laang Nues huet, wat et och net méi einfach mécht fir d’Gestioun. Well den initialen Devis an Héicht vun 3,5 Milliounen EUR, dee schonn de 27.04.2022 gestëmmt ginn ass, leider bei Wäitem net duergeet fir den Projet ze realiséieren, huet missen am Gemengerot vun haut en zousätzlechen Devis an Héicht vun 1,75 Milliounen EUR gestëmmt ginn. Dëst haaptsächlech, well d’Ausschreiwunge fir de Gros-Oeuvre an awer och fir déi technesch Installatioune wäit iwwert dem Präis, deen am Devis vun 2022 zeréckbehale gouf, leien. Et ass awer och esou, dass am initialen Devis guer keng Käschte fir déi provisoresch Buvette virgesi waren.

Fir 2025 hu mer 2,6 Milliounen EUR a fir 2026 nach emol 2,2 Milliounen EUR fir dëse Projet virgesinn.

Am Kader vun den Aarbechten un der 30er-Zon zu Minsbech ginn awer och d’Infrastrukturaarbechten an der Strooss “Op Bissemt” matgemaach. Hei ass e Budget vun 150.000 EUR fir 2026 virgesinn.

- ## Neie Jugendterrain “Op Bissemt”



Am Kader vun der Etude fir en zweeten Trainingsterrain um Site “Op Bissemt” hu mer en éischte Projet presentéiert kritt, deen aktuell zesumme mat der FLF analyséiert gëtt, fir ze kucken, bis wéi eng Kategorië vu Jugendekippenoffiziell Matcher hei kënne gespillt ginn.

Fir 2025 sinn hei 50.000 EUR fir d’Honorairë vum Bureau d’études virgesinn, a fir 2026 ass e Montant vu 500.000 EUR virgesinn, wann d’Aarbechte kéinten am 2. Semester 2026 ugoen. De Gesamtbudget fir esou ee Projet wäert tëscht 1,25 an 1,5 Milliounen EUR leien.

Fir den aktuellen Terrain wäerten elo an eng éischter Phas punktuell Verbesserungsaarbechte gemaach ginn, an bei den aktuelle Vestiairen ass e weidere Budget vun 100.000 EUR fir energeetesch Verbesserungsmoossname virgesinn.

- **TC Schëtter**




Eist laangfristegt Zil ass et, fir eng nei Infrastruktur mat 4 baussechten Tennisterrainen an enger moderner Tennishal mat 3 Bannen-Terrainen am Kader vum PAP “Routert” ze realiséieren. Hei muss awer fir d’éischt mol de PAP fäerdeg ausgeschafft an autoriséiert ginn. Dofir wäerten elo kuerzfristeg déi aktuell Terrainen um Campus scolaire nach emol en neie Belag kréien, bis déi nei Infrastruktur um Routert realiséiert ka ginn. Fir de Reamenagement vun den Terraine si 400.000 EUR fir 2026 virgesinn.

## Résultat extraordinaire

| | 2023 | 2024 | BR 2025 | BI 2026 |
|---|---|---|---|---|
| Recettes extraordinaires | 1 980 755 € | 2 957 948 € | 2 836 253 € | 13 003 397 € |
| Dépenses extraordinaires | 9 427 733 € | 9 300 675 € | 20 007 584 € | 32 657 650 € |
| | | | | |
| **Résultat extraordinaire** | **- 7 446 978 €** | **- 6 342 728 €** | **-17 171 331 €** | **-19 654 253 €** |

Dir gesitt also, dass vill vun deene Projeten, un deenen déi lescht Jore vill geplangt ginn ass, elo an d'Bauphase kommen an domat natierlech och héich Investitiounskäschten op d'Gemeng duerkommen.

De Budget extraordinaire rectifié vun 2025 schléisst mat Recetten an Héicht vun 2,8 Milliounen an Depensë vun 20 Milliounen of, wat engem Mali vun 17,2 Milliounen EUR entsprécht.

Fir 2026 klammen déi extraordinär Depensen op 32,7 Milliounen, an d'Recettë sinn op 13 Milliounen EUR geschätzt, wat dann e Mali am extraordinäre Budget vu bal 20 Millioune géif maachen.

## Résultat global

| Résultat global | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | **2023** | **2024** | **BR 2025** | **BI 2026** |
| Recettes ordinaires | 24 697 014 € | 27 628 130 € | 29 033 526 € | 30 825 161 € |
| Dépenses ordinaires | 16 504 051 € | 19 442 086 € | 19 568 067 € | 20 260 833 € |
| | | | | |
| **Résultat ordinaire** | **8 192 963 €** | **8 186 045 €** | **9 465 459 €** | **10 564 328 €** |
| | | | | |
| Recettes extraordinaires | 1 980 755 € | 2 957 948 € | 2 836 253 € | 13 003 397 € |
| Dépenses extraordinaires | 9 427 733 € | 9 300 675 € | 20 007 584 € | 32 657 650 € |
| | | | | |
| **Résultat extraordinaire** | **- 7 446 978 €** | **- 6 342 728 €** | **-17 171 331 €** | **-19 654 253 €** |
| | | | | |
| **Résultat global** | **745 985 €** | **1 843 317 €** | **- 7 705 872 €** | **- 9 089 925 €** |
| | | | | |
| **Résultat reporté N-1** | **14 688 335 €** | **15 434 321 €** | **17 277 638 €** | **9 571 766 €** |
| | | | | |
| **Résultat reporté** | **15 434 321 €** | **17 277 638 €** | **9 571 766 €** | **481 841 €** |

D'Gesamtsituatioun presentéiert sech da wéi follegt:

D'Joer 2025 géife mer dann op Basis vun dësem Budget mat engem Boni vun 9,5 Milliounen am ordinäre Budget an enger Perte vu 17,2 Milliounen EUR am extraordinäre Budget ofschléissen. Dëst bedeit dann eng Perte vu 7,7 Milliounen am Gesamtbudget 2025. Zesumme mam Iwwerschoss vun 2024 vu 17,3 Milliounen hätte mer dann Enn 2025 nach e Reschtiwwerschoss vun 9,5 Milliounen.

Fir 2026 ass de Budget dann dee vun engem ordinäre Boni vun 10,6 Milliounen an enger Perte am extraordinäre vun 19,6 Milliounen, woumat mer d'Joer, zesumme mam résultat reporté, da géifen mat engem Boni vu 481.000 EUR ofschléissen. Wéi schonn um Ufank gesot, hu mer hei awer en Emprunt an Héicht vun 3 Milliounen EUR virgesinn, deen eventuell am 4. Trimester 2026 misst opgeholl ginn. Dat hänkt natierlech ganz vill vum Avancement vun de Chantieren of, an och, wéi vill Avancen déi verschidde Ministèren op de Subsiden ausbezuele wäerten. Fir den Emprunt si mer elo mol provisoresch, op Basis vun enger Recommandatioun vum Inneministère, vun engem Emprunt op 20 Joer mat engem Zënssatz vun 3% ausgaangen.

Fir ofzeschléissen, ass et e ganz grousse Merci un all déi Léit, déi sech aktiv an d'Ausschaffe vun dësem Budget abruecht hunn.

Och elo schonn e grousse Merci all déi, déi hëllefe wäerten, fir all dat ëmzesetzen, wat mer eis virgeholl hunn.

Déi nächst 2 Wochen huet d'Finanzkommissioun, an dir hei um Dësch, Zäit, fir dës Dokumenter ze analyséieren, a mir freeën eis da fir den 10. Dezember 2025 zesummen eng konstruktiv Diskussioun ze hunn.

De Schäfferot